EIS GEMENG

Magazine d'information
de la Ville de Rumelange



Elo am neie Format

Maintenant dans un nouveau format

N° 2
05/2025

Sous la responsabilité du Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Rumelange.

STAD RËMELENG

EDITO

Virwuert vum Buergermeeschter

LU | Léif Matbiergerinnen! Léif Matbierger!

Zesummenhalt, Traditioun a Fortschrëtt – 3 Wieder déi, wann ee se eenzel kuckt, zwar ee gudde Message hunn, mee awer nach vill méi aussoe wann een se am Kontext betruecht. Rëmeleng verkierpert nämlech genau déi Wäerter a mir als Gemengepolitiker vun der Stad Rëmeleng probéiere genau dat no baussen ze droen. Zesummenhalt andeems ee fir deen aneren do ass. Traditioun am Sënn dovun, datt een ni däerf vergiesse vu wou mir kommen. A Fortschrëtt am Sënn dovunner, net ze stagnéieren, mee ëmmer no vir ze kucken. An deene leschten zwee Méint goufen et an eiser schéiner Stad nees eng ganz Rei Evenementer wéi zum Beispill den internationale Fraendag, de Quiz-Me oder och d'Buergbrennen. Dobäi kommen och an Zukunft nees flott Manifestatiounen op eis duer. Dorënner den traditionellen Nationalfeierdag op der Moartplaz, wou bis ewell iwwert déi lescht Joren eng Laser-Show en Place gesat gouf. Dëst Joer hu mir do allerdéngs eng gréisser Ännerung virgeholl an zwar gëtt et eng Zort Video-Animatioun bei där d'Fassad vun der Gemeng als Leinwand genotzt gëtt. Wéi dat da genau wäert ausgesinn, gesitt dir den 22. Juni 2025 op der Moartplaz hei zu Rëmeleng. Och wat d'Entwécklung vun der Stad ugeet, bleiwe mir natierlech ëmmer um Ball a setzen alles dorunner fir hei net stoen ze bleiwen. Deemno wënschen ech Iech elo vill Spaass beim duerchbliedere vun der zweeter Editioun vun „Eis Gemeng" vum Joer 2025.

Henri Haine | Buergermeeschter

FR | Chères concitoyennes ! Chers concitoyens !

Solidarité, tradition et progrès – trois mots qui, pris individuellement, portent un message fort, mais qui, ensemble, prennent encore plus de sens. Rumelange incarne précisément ces valeurs, et en tant que représentants de notre ville, nous nous efforçons de les transmettre et de les faire vivre au quotidien. La solidarité, en étant là les uns pour les autres. La tradition, en n'oubliant jamais d'où nous venons. Le progrès, en regardant toujours vers l'avenir sans jamais stagner. Au cours des deux derniers mois, notre ville a accueilli de nombreux événements marquants, comme la Journée internationale des droits des femmes, le « Quiz-Me » et le « Buergbrennen ». Et d'autres moments forts nous attendent encore, notamment la Fête nationale, célébrée sur la place G.-D. Charlotte. Jusqu'à présent, une spectaculaire laser-show illuminait cette soirée. Cependant, cette année, une nouveauté vous attend : une projection vidéo, utilisant la façade de l'hôtel de Ville comme écran. Rendez-vous le 22 juin 2025 pour découvrir cette animation inédite ! Parallèlement, nous poursuivons sans relâche le développement de notre ville, en veillant à ce que Rumelange continue d'évoluer sans jamais perdre son identité. Je vous souhaite une agréable lecture de cette deuxième édition de « Eis Gemeng » pour l'année 2025.

Henri Haine | Bourgmestre

Éditeur
Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Rumelange
2 place G.-D. Charlotte | L–3710 Rumelange

Tél. : +352 56 31 21 – 1 | www.rumelange.lu
secretariat@rumelange.lu | Stad Rëmeleng
Comité de rédaction : Service de la Culture et des Sports

Imprimeur
Imprimerie Reka
Imprimé sur du papier 100 % recyclé.

© Photos
Service de la Culture
et des Sports

Layout & illustrations
101

Klima-Bündnis Lëtzebuerg
NaturPakt Meng Gemeng engagéiert sech
PacteClimat | European Energy Award Ma commune s'engage pour le climat

EVENTS

Wat war lass an eiser Gemeng?

JOURNÉE INTERNATIONALE DE LA FEMME

08.03.2025

Um Samschdeg, den 8. Mäerz hu mir hei zu Rëmeleng den internationale Fraendag gefeiert. Um 18:30 Auer ass et am CineKursaal lass gaange mat der Virstellung vun der Aktioun „Affichons l'égalité“. Duerno ass de Film „Die Berufung“ gewise ginn, mat uschléissender Receptioun.

BUERGBRENNEN

09.03.2025

Den éischte Sonndeg nom Äschermëttwoch gëtt hei zu Lëtzebuerg traditionell de Wanter verbrannt. Och hei zu Rëmeleng ass dat eng Traditioun déi zanter Jore bäibehale gëtt. Dëst Joer war et dann nees esou wäit, datt um 18:00 Auer ee Fakelzuch vun der Moartplaz a Richtung Skater-Pist an der rue des Mines gaangen ass. Um 19:00 Auer war uschléissend eng Feier-Show vum Christian Dirr a géint 19:30 Auer gouf dann offiziell d'Buerg ugefaangen.

VISITT BUERGERMEESCHTER PETNJICA

14.03.2025

Den 29. Juni 2018 huet d'Stad Rëmeleng am Gemengerot decidéiert, der Demande vum Buergermeeschter vum Duerf Petnjica a Montenegro nozekommen an eng Partnerschaft tëscht béide Gemengen anzegoen.

De 14. Mäerz 2025, war dann de Buergermeeschter vu Petnjica mat senger Geméngeverwaltung hei zu Rëmeleng op Besuch. Dës Verbindung tëschent deenen zwou Gemenge soll och an Zukunft weiderhin de kulturellen a wirtschaftlechen Austausch stäerken.

D'Stad Rëmeleng freet sech weider op eng flott an erfollegräich Zesummenaarbecht.

REMISE DES DIPLÔMES DE L'UGDA

20.03.2025

Le 20 mars, la remise des diplômes de l'UGDA a eu lieu à Rumelange, au Centre Culturel. Le programme de la soirée comprenait deux auditions, la remise des certificats de présence, des allocutions et des chants, offrant ainsi un moment de célébration et de convivialité.

QUIZ-ME

22.03.2025

Samschdes, den 22. Mäerz 2025 hate mir hei zu Rëmeleng eng weider Editioun vun eisem „Quiz-Me". Am ganze waren et 24 Ekippen, déi hei probéiert hunn hiert Wëssen ënner Beweis ze stellen. Zum Schluss vum Owend konnt dann awer just eng Ekipp gewannen an dat war dëst Joer d'Ekipp „Globi'en" mam Carlo Hoffmann, Joel Kieffer, Guy Mootz, Misch Kohnen a Piter Feltz. Felicitatioun dann nach eng Kéier un d'Gewënner an ee grousse Merci un all Eenzelen deen dobäi war.

DAVID GOLDRAKE

05.04.2025

De 5. Abrëll 2025 war den Zauberer an Illusionist David Goldrake zu Rëmeleng am Centre Culturel „André Zirves" fir seng neiste Show ze presentéieren. Nodeems den David Goldrake scho quasi iwwerall an der Welt opgetrueden ass an och zu Las Vegas am Hotel „Tropicana" seng eege Show hat, war hien dann elo bei eis fir „25 Years of Magic" ze feieren. D'Stad Rëmeleng an Zesummenaarbecht mat de Rëmelenger Pompjeeën, hu sech hei ëm déi ganz Organisatioun gekëmmert. Dofir nach eng Kéier een décke Merci un all Eenzelen dee gehollef huet.

PROJETS

Realiséiert Projeten

↑ Des travaux ont également été réalisés dans la cour de l'école primaire Sauerwiesen ici à Rumelange. En bas, à la base des arbres, des grillages ont été installés pour éviter que les enfants ne se blessent en jouant.

↓ An der rue d'Esch gouf eng Zäit laang um Trottoir geschafft. Den 21. Februar 2025 waren d'Aarbechten dorunner ofgeschloss.

MONITORING VON ARTENREICHEN WIESEN UND WEIDEN

„Biodiversitäts-Monitoring“ – so nennen wir das seit vielen Jahren in den SICONA-Gemeinden laufende Projekt zur Erfassung der Pflanzenarten auf artenreichen, extensiv genutzten Wiesen und Weiden. Vor über 25 Jahren wurden bereits „Wiesenkartierungen“ durchgeführt. Auch heute wird nach immer der gleichen Methode das Pflanzenarteninventar der artenreichen Wiesen und Weiden aufgenommen. Dies ermöglicht uns, Aussagen zur Entwicklung der wertvollen Flächen zu treffen. Das Monitoring von naturschutzrelevantem Grünland wird im NaturPakt angerechnet, in dessen Rahmen die Gemeinde Punkte generieren kann.

Der Vertragsnaturschutz

Artenreiches Grünland besitzt eine hohe ökologische Bedeutung als Lebensraum einer Vielzahl gefährdeter Pflanzen- und Tierarten. Es erfüllt eine Reihe von wertvollen Ökosystemleistungen, die der Allgemeinheit zugutekommen. Daher sind die Erhaltung und Förderung der charakteristischen Artengemeinschaften so wichtig. Ein wirksames Instrument, um dem fortschreitenden Rückgang dieses Lebensraums entgegenzuwirken, ist der Vertragsnaturschutz. Dabei handelt es sich um Programme zur extensiven Bewirtschaftung mit dem Verzicht auf Düngemittel und Pestizide, die sogenannten „Biodiv-Programme“. Um die Arbeit der teilnehmenden Landwirte zu honorieren, die diese Flächen nach den Vorgaben extensiv nutzen, erhalten sie entsprechende Ausgleichszahlungen. In der SICONA-Region stehen derzeit über 1.000 Flächen mit rund 1.800 ha unter Vertrag.

Erhalt der floristischen Artenvielfalt

Durch das wissenschaftliche Monitoring – bei dem die vorkommenden Pflanzenarten mit ihrer Häufigkeit aufgenommen werden – kann die Entwicklung des artenreichen Grünlandes analysiert werden: Haben sich seltene Pflanzenarten ausbreiten können? Kam es zur Verbesserung oder Verschlechterung des Zustands der bunten, kräuterreichen Wiesen und Weiden? Und wir versuchen natürlich zu klären, worauf die Entwicklungen zurückzuführen sind. So konnte eine Studie von SICONA, in der ältere und aktuelle Vegetationsdaten verglichen wurden, die Erfolge der extensiven Nutzung im Rahmen des Vertragsnaturschutzes belegen. In 75 % der 90 untersuchten Vertragsflächen konnte die floristische Artenvielfalt erhalten werden! Für die Erhaltung des artenreichen Grünlandes ist somit eine extensive Nutzung und eine Aufnahme möglichst vieler Flächen in die „Biodiv-Programme“ wünschenswert. Hierzu werden die Landwirte von SICONA beraten.

Lokale Ergebnisse

In der Gemeinde Rümelingen sind artenreiche Magerwiesen und -weiden außerhalb der ehemaligen Tagebauareale nur selten vorzufinden. In den Tagebaugebieten haben sich demgegenüber – auf sehr großen Flächen – besonders artenreiche Magerrasen etablieren können. Die Hauptpflegenutzung der Magerrasen ist die Wanderschafbeweidung. Aktuell sind in der Gemeinde zwei Flächen mit rund 7 ha in einem Biodiversitäts-Programm. In das Biodiv-Monitoring konnten seit Projektbeginn zwei der in der Gemeinde außerhalb der Tagebaugebiete gelegenen Flächen einbezogen werden. Hoffen wir, dass diese und viele weitere bis heute extensiv genutzte Flächen mit ihrer Artenvielfalt und Blütenpracht dauerhaft erhalten bleiben.

Naturschutzsyndikat SICONA
12, rue de Capellen L-8393 Olm
T : (+352) 26 30 36 25
E : administration@sicona.lu

Das Naturschutzsyndikat SICONA besteht derzeit aus 43 Mitgliedsgemeinden im Südwesten und Zentrum Luxemburgs. Ziel von SICONA ist die Erhaltung der heimischen Artenvielfalt und der naturnahen Lebensräume. Neben Landschaftspflegearbeiten ist die Wiederherstellung von Lebensräumen ein Schwerpunkt der Arbeit von SICONA.

AGENDA

Mee / Mai 2025

MARCHÉ MENSUEL
02.05.2025
Freideg/Vendredi
Place G.-D. Charlotte

KLEEDERSAMMLUNG (VUM JUGENDHAUS)
03.05.2025
Samschdeg/Samedi
Rumelange

KIERMES
10.05.2025
Samschdeg/Samedi
Place G.-D. Charlotte

FRÉIJOERSMOART
10.05.2025
Samschdeg/Samedi
Grand-Rue



SELF-DEFENSE MIXTE
17.05.2025
Samschdeg/Samedi
Multisall Sauerwisen

NOPESCHFEST
23.05.2025
Freideg/Vendredi
Rumelange

FLÈCHE DU SUD
29.05.2025
Donneschdeg/Jeudi
Grand-Rue

Juni / Juin 2025

MARCHÉ MENSUEL
06.06.2025
Freideg/Vendredi
Place G.-D. Charlotte

DAG AN DER NATUR
07.06.2025
Samschdeg/Samedi

NUIT DU SPORT
14.06.2025
Samschdeg/Samedi

MULTIKULTI
21.06.2025
Samschdeg/Samedi

FÊTE POPULAIRE
22.06.2025
Sonndeg/Dimanche
Place G.-D. Charlotte

BRADERIE
28.06.2025
Samschdeg/Samedi

TRAIL DES MINES
29.06.2025
Sonndeg/Dimanche

All d'Informatiounen zu den Eventer am Rumelagenda fannt Dir ëmmer op eiser Websäit:
www.rumelange.lu/tous-les-evenements

HOMMAGE CAMILLE MARX

LU | Léif Matbiergerinnen! Léif Matbierger!

De Camille Marx war e Mann mat engem groussen Häerz fir seng Matmënschen an engem staarke Sënn fir Gerechtegkeet. Gebuer den 28. November 1932 zu Rëmeleng, ass hien a bescheidene Verhältnisser, als zweetjéngste vu véier Kanner, an enger Aarbechterfamill opgewuess. Seng Jugend war gepräägt vun den haarden Aarbechtskonditiounen am Minett, déi säi soziaalt Bewosstsi geschäerft hunn.

Scho fréi huet de Camille sech fir d'Rechter vun den Aarbechter agesat. Als engagéierte Gewerkschaftler a Member vun der KPL, zanter 1961, war hien e couragéierte Kämpfer fir sozial Gerechtegkeet. Hien huet sech besonnesch fir déi Kleng a Schwaach agesat an ass 1988 an de Gemengerot gewielt ginn, wou hie bis 2001 aktiv war, nodeems hien 1969 fir d'éischt mat an d'Gemengewale gaangen ass. Mat senger onermiddlecher Aarbecht an der Gewerkschaft huet hie vill zu der Verbesserung vun de Liewens- a Schaff-Konditioune bäigedroen. Um nationalen Niveau war hien och politesch aktiv, ganzer aacht mol ass hie fir seng Partei mat an d'Nationalwale gaangen. De Camille war a sëllege Kommissiounen aktiv an als fréiere Vëlosfuerer och Comitésmember vum Gemengesyndikat SICOSPORT.

Nieft sengem politeschen Engagement war de Camille e Familljemënsch. Mam Lilia Branchini huet hien zwee Kanner, de Richard an d'Gisèle, groussgezunn. Seng Léift zur Natur huet hien och u si weiderginn. Spéider ass seng Famill gewuess, an hie war e stolze Bop vum Christian an dem David. 1983 huet hien d'Marianne Winkler kennegeléiert, mat där hien e gemeinsaamt Liewe gefouert huet.

De Camille war e Mann mat festen Iwwerzeegungen, trei sengen Idealen, an ëmmer bereet sech fir déi aner anzesetzen. Bis zu sengem leschte Liewensjoer war hie gesellschaftlech aktiv, ëmmer mat engem oppenen Ouer fir d'Suerge vu senge Matmënschen.

De 6. Mäerz 2025 ass de Camille am Alter vun 92 Joer vun eis gaangen. Seng Erënnerung bleift bestoen duerch säin onermiddlechen Asaz fir déi sozial Gerechtegkeet an de Mënsch, dee vill Leit zu Rëmeleng kannt a geschätzt hunn.

Heimadden wëll d'Stad Rëmeleng dem Camille Marx gedenken.

FR | Chères concitoyennes ! Chers concitoyens !

Camille Marx était un homme au grand cœur, profondément attaché à la justice sociale. Né le 28 novembre 1932 à Rumelange, il a grandi dans des conditions modestes, deuxième plus jeune de quatre enfants, au sein d'une famille ouvrière. Sa jeunesse a été marquée par les rudes conditions de travail dans le bassin minier, qui ont forgé sa conscience sociale.

Très tôt, Camille s'est engagé pour les droits des travailleurs. Syndicaliste engagé et membre du KPL depuis 1961, il a été un ardent défenseur de la justice sociale. Il s'est particulièrement battu pour les plus démunis et les plus faibles. Il a été élu au conseil communal en 1988 et y a siégé jusqu'en 2001, après avoir participé pour la première fois aux élections communales en 1969. Grâce à son travail acharné au sein du syndicat, il a largement contribué à l'amélioration des conditions de vie et de travail. À l'échelle nationale, il a également mené des combats politiques, se présentant huit fois aux élections législatives pour son parti. Camille était aussi actif dans plusieurs commissions communales et, en tant qu'ancien cycliste, membre du comité du syndicat communal SICOSPORT.

En dehors de son engagement politique, Camille était un homme de famille. Avec Lilia Branchini, il a eu deux enfants, Richard et Gisèle, et leur a transmis son amour pour la nature. Plus tard, sa famille s'est agrandie, et il est devenu un grand-père fier de Christian et David. En 1983, il a rencontré Marianne Winkler, avec qui il a partagé sa vie jusqu'à la fin de ses jours.

Camille était un homme de convictions profondes, fidèle à ses idéaux et toujours prêt à se battre pour les autres. Jusqu'à la fin de sa vie, il est resté socialement actif, à l'écoute de son entourage.

Le 6 mars 2025, Camille nous a quittés à l'âge de 92 ans. Son souvenir restera gravé dans les mémoires grâce à son engagement indéfectible pour la justice sociale et l'homme qu'il était, apprécié et respecté de tous à Rumelange.

À travers ces mots, la Ville de Rumelange souhaite rendre hommage à Camille Marx.